



Madame COUTO Paula
Conseillère communale

15, rue Amalbergue

L-4806 RODANGE

2026.72817.SECR – E. Referenz

Péiteng, de 27. August 2026

Betreff: Är Froe vum 27. Juli 2026

(Den Dossier gëtt bearbecht vum Marc Bosoni - Tel.: 50 12 51 - 3050)

Madamm Couto,

An Ärem Bréif vum 27. Juli 2026 stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,

Am Zesummenhang mat de rezenten Informatiounen iwwer d'Bewässerung vun de kommunale Fussballterrainen bleiwen nach e puer wichteg Froen onbeäntwert. Fir eng transparent Bewäertung vum Waasserverbrauch, de Käschten an de getraffene Spuermoosnamen ze erméiglechen, bieden ech de Schäfferot, déi folgend Informatiounen esou detailléiert wéi méiglech no Terrain a pro Joer opzestellen. Dëst soll eng objektiv Evaluatioun vum Waasserverbrauch an dem Ressourcenasaz vun der Gemeng erméiglechen.

An deem Zesummenhang an op Basis vum Artikel 25 vum Gemeengesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:

- 1. Waasserverbrauch: Wéi vill Drénkwaasser gouf zënter 2020 pro Terrain a pro Joer fir d'Bewässerung verbraucht (a m³) ?*
- 2. Käschten :*
 - Wéi héich waren déi tatsächlech Joreskäschte fir d'Bewässerung vun de verschiddenen Terrainen zënter 2020 (pro Site)?*
 - Wéi eng Deeler vun dëse Käschte goufen vun der Gemeng iwwerholl, a wéi eng Deeler vun de concernéierte Veräiner? Ech bieden ëm eng detailléiert Opdeelung pro Site a pro Joer.*
- 3. Entscheidungsprozess fir d'Bewässerung:*

An Ärer Äntwert steet: „Fir datt d'Bewässerung awer automatesch ënnerbrach gëtt, muss allerdéngs eng Reenquantitéit vu ronn 13 Liter pro Quadratmeter erreecht ginn.“



- Op wéi eng Zäitspan bezitt sech dës Schwell? Handelt et sech ëm 13 Liter pro Quadratmeter an enger Stonn, an engem Dag oder iwwer eng aner Definitioun?
- Wann dës Schwell eréischt nom Erreeche vun enger bestëmmter Reenquantitéit gräift, wéi gëtt verhënnert, datt d'Bewässerung trotz lafendem Reen weiderleeft, obwuel nach net virauszegesinn ass, wéi laang oder wéi intensiv et nach wäert reenen?
- Ginn d'Wiederprevisiounen, déi rezent gefall Reenmengen, d'Temperaturen, Hëtztperioden an d'Joreszäit systematesch an d'Gestioun vun der Bewässerung mat abezunn? Wa jo, op wéi eng Manéier?

Mat Respekt,

Paula Couto
Gemeengeconseiller

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Follgend ass den Tableau mam Waasserverbrauch pro Terrain:

Consommations d'eau des terrains de football par année en m3						
2020	2021	2022	2023	2024	2025	2026
Terrain Doihl						
1207	451	2512	1275	1081	1302	1077
1 636,69 €	607,05 €	4 157,36 €	2 622,68 €	2 223,62 €	2 678,21 €	2 215,39 €
Terrain Pétange						
5772	1245	5898	5911	2351	3560	/
7 826,83 €	1 675,77 €	9 761,19 €	12 158,93 €	4 836,01 €	7 322,92 €	/
Terrain Lamadelaine						
2026	1037	5300	/	/	488	2219
2 747,26 €	1 395,80 €	8 771,50 €	/	/	1 003,82 €	4 564,48 €
Terrain Pétange synthétique						
1462	46	453	80	76	125	0
1 982,47 €	61,92 €	749,72 €	164,56 €	156,33 €	257,13 €	0,00 €
Terrain Rodange synthétique						
/	/	/	/	/	/	/
Terrain Phillipart Jos						
5269	450	3028	3242	2419	1684	1274
7 144,76 €	605,70 €	5 011,34 €	6 668,79 €	4 975,88 €	3 463,99 €	2 620,62 €

"/" = Compteur ass net notéiert ginn



Hei ass ze bemierken, dat d'Fussballterrain'ën der Gemeng gehéieren, an net engem Fussball- oder soss engem Sportsveräin. Des Infrastrukture ginn, wéi och e Centre Culturel oder eng Sportshal, de verschiddene Veräiner, déi e ganz wichtege Deel am soziale Liewe sinn, wou honnerte vu Kanner & Bierger aus der Gemeng Member sinn, zur Verfügung gestallt. Dëst erkläert dann och firwat d'Käschte vun dësen Infrastrukture vun der Gemeng integral gedroe ginn.

Betreffend den Entscheidungsprozess fir d'Bewässerung, bezitt sech d'Schwéll net op eng bestëmmten Zäitspan. De Reesensor funktionéiert net op Basis vun enger gemoossener Reen-Quantitéit pro Stonn oder pro Dag. Am Sensor befënnt sech en hygroskopesch Element (Scheiwen aus engem hygroskopesche Material), dat bei Fiichtegkeet op quëllt. Duerch dëst Opquëlle gëtt e Schalter betätegt, deen de Bewässerungssystem ausschalt. Wann d'Element nees dréchent, geet et zeréck a seng ursprénglech Positioun an de Bewässerungsprogramm ass nees aktivéiert.

Déi genannte Gréisst vu ronn 13 Liter pro Quadratmeter ass dofir als ongeféiere Wäert ze verstoen, bei deem de Sensor d'Bewässerung ënnerbrécht, an net als festgeluechte Reen-Quantitéit, déi bannent enger bestëmmter Zäitspan erreecht muss ginn. De Reesensor kann nëmmen op d'Fiichtegkeet reagéieren, déi tatsächlech um Sensor ukënnt. Hie kann net virausgesi wéi laang oder wéi intensiv et nach wäert reenen. Wann et nach net genuch gereent huet, fir de Sensor auszeléisen, kann de Bewässerungsprogramm dowéinst weiderlafen. Eng Berécksiichtegung vun der zukünfteger Reen-Dauer oder vun enger Reen-Prognos ass duerch de Sensor selwer net méiglech.

D'Wiederprevisiounen, déi rezent gefall Reen-Quantitéit, d'Temperaturen, Hëtztperioden an d'Joreszäit ginn net systematesch an d'Gestioun vun der Bewässerung mat abezunn. D'Bewässerungs-Programmation ass net mat enger Wiederprevisioun gekoppelt a kann dofir weder Wiederprevisiounen nach zukünfteg Reen-Quantitéiten automatesch berécksiichtegen.

De Bewässerungssystem reagiert iwwert de Reesensor op déi aktuell Fiichtegkeet bzw. dem gefalene Reen. Aner Facteure wéi Temperaturen, Hëtztperioden oder d'Joreszäit kënnen net automatesch duerch de Programm berécksiichtegt ginn. D'Technik huet leider punkto Wiederprevisiounen nach ëmmer seng Limitten, respektiv de Käschtepunkt geet an d'Luucht desto méi Faktoren ee well mat abezéien, an och da gëtt et nach keng 100% Sécherheet.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär f.f.,

De Buergermeeschter,